# *Es fährt ein Bus nach nirgendwo*

## Pressemitteilung LSAP-Osten - 19.06.2024

«Dës Busspuer stellt eng vu mengen Haaptprioritéiten duer, well et déi eenzeg Méiglechkeet fir d'Leit aus dem Iechternacher Raum ass, sech mam ëffentlechen Transport an d'Stad ze deplacéieren.», sou huet den deemolege Mobilitéitsminister François Bausch op eng parlamentaresch Ufro vum Cécile Hemmen am Dezember 2020 geäntwert, wéi si no enger Busspuer tëscht dem Waldhaff an dem Kierchbierg gefrot huet. Eng absolut Prioritéit, un där d'Aarbechte schonn Enn 2018 sollten ufänken - geschitt ass bis haut nach näischt. D'LSAP-Osten weist sech doriwwer net verwonnert, well wéi hire Bezierkspresident Ben Streff ëmmer higewisen huet, an elo och vum Ministère bestätegt gouf, dës Ëmsetzung quasi onméiglech ass. Mir stelle fest, dass dës Busspuer wuel ni wäert kommen.

**<u>Kohärent Léisungen</u>**

Mir brauchen endlech eng richteg Léisung fir d'Leit aus dem Iechternacher a Jonglënster Raum mat engem effikassen ëffentlechen Transportservice an d'Stad ze bréngen.
Mir fuerderen d'Madamm Ministesch dofir op eng Léisung déi ganz einfach ze realiséiere wier an um Dësch läit opzegräifen: Loosst d'Busser aus dëser Regioun (notamment den 201 an den 211) nees op direktem Wee an de Stadzentrum lafen.
De Wee op de Pôle d'échange Kierchbierg bedeit fir d'Bierger:innen en Ëmwee, en plus, dass se fir op d'Aarbecht nach e Stau um Wupp vun der A7 musse mat a Kaf huelen an dëse mat de Busser nach verschlëmmert gëtt.
D'RGTR-Reform war gutt geduecht, d'Pôle d'échanges sinn e wichtege Faktor an engem Verkéierskonzept, mee se maache fir déi genannte Linne ganz einfach kee Sënn. Mir fuerderen, dës Linne soit via Boulevard Royal op de Lampertsbierg lafen ze loossen, soit wéi virun der RGTR-Reform zréck op d'Gare.

**<u>Wou sinn d'Verspriechen drun?</u>**

An enger neier parlamentarescher Fro, freet d'Ost-Deputéiert Paulette Lenert d'Madamm Ministesch weider, wou déi versprachen zousätzlech Linnen, mat Départ zu Iechternach op d'Gare drusinn? Dës ware fir den Hierscht 2023 annoncéiert; gefuer ginn se bis haut nach net. Och den Nuetsbusservice, dee mëttlerweil vu villen Ostgemengen (Iechternach, Jonglënster, Manternach,...) selwer assuréiert gëtt, gesi mir als Aufgab vum Stad - och hei si Verbesserunge séier néideg - et geet ëm d'Sécherheet op eise Stroossen an d'Liewensqualitéit vun eise Bierger:innen.

LSAP-Osten
info@lsap.lu

**Schluss mam Etüde-Gepléischters!**

D'LSAP-Osten freet endlech Verbesserungen an e richtegt Mobilitéitskonzept fir de ganzen Oste vum Land. D'RGTR-Reform soll a sengem Ganzen evaluéiert; d'Verbesserungen am Résau, wéi gefuerdert, direkt ëmgesat; an e gréissert Konzept ausgeschafft ginn, notamment fuerdere mir eng Etüd, déi sech mat dem Asetze vun engem séieren Tram an den Oste beschäftegt.

D'Bierger:innen aus dem Oste vum Land si keng Bierger zweeter Klass – och net am ëffentlechen Transport.

Matgedeelt vun der LSAP-Osten – 19.06.2024

LSAP-Osten
info@lsap.lu